

am Titel, mee „promotion du transport ferroviaire et fluvial“.

Une voix | Très bien!

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Et geet drëms, den Transport ferroviaire an den Transport fluvial nach méi staark par rapport zum Transport routier ze favoriséieren, dee vun den Operateuren opgrond vun deelweis méi niddrege Käschten a gréisserer Flexibilitéit awer dacks éischter an Usproch geholl gëtt.

D'Extensiou vum aktuelle Régime d'aide soll nei Operateuren, déi net vum Transport combiné concernéiert sinn, encouragéieren, de Wuerentransport mam Zuch oder Schëff ze prioriséieren an esou den Undeel vun der Schinn an der Banneschëfffaart ze erhéijen.

Déi nei Bähillefe kënn fir all inlännesch Schinnen-transporter ugefrot ginn, dat heescht, egal ob combiné oder conventionnel, a si gëllen och fir all international Banneschëffstransporter mat Depart oder Arrivée zu Lëtzebuerg, egal ob kombinéiert oder konventionell.

Beim internationale Schinnentransport mat Zil oder Depart zu Lëtzebuerg gëtt par contre weiderhi just den Transport combiné gefërdert. An den inlännesche Schëffstransport zu Lëtzebuerg entfält als Kategorie, vu datt mer nëmmen ee groussen Hafen hunn.

Dësen neie Regimm wäert net méi just fir véier, mee fir fënnf Joer gëllen, an zwar vum 1. Januar 2023 bis den 1. Dezember 2027, an d'Enveloppe budgétaire, déi virgesinn ass, beleeft sech op 103,925 Milliounen Euro.

Well dëst Gesetz staatlech Bähillefe betrëfft, dierf dëse Projet de loi eréischt dann a Kraaft trieden, wann d'EU-Kommissioun d'final Decisioun geholl huet, datt eis proposéiert Staatshëllefen och kompatibel mam Marché intérieur sinn. An dat huet elo esou just nach virun der Ligne d'arrivée geklappt. Den Accord kounn nämlech net méi spéit wéi gëschter.

Domadder soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Chantal Gary.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes ageschriwwen.

Discussion générale

M. Aly Kaes (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech wëll eiser Présidente-rapportrice villmools Merci soe fir deen exzellenten a komplette schrëftlechen a mëndleche Rapport. A vu datt deem näischt bäizefügen ass, géif ech den Accord vu menger Fraktioun ginn a Merci soe fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kaes. Da geet d'Wuert un den Här Max Hahn.

M. Max Hahn (DP) | Merci, Här President. Ech géif dat selwecht maache wéi den Aly Kaes. Ech géif der Rapportrice gäre Merci soe fir hir zwee ganz gutt Rapporten, souwuel dee schrëftleche wéi dee mëndlechen. An ech géif dann och heimat den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Hahn. An da geet d'Wuert un den Här Carlo Weber.

M. Carlo Weber (LSAP) | Jo, als LSAP begrësse mir dëse Projet: aner Transportméiglechkeeten, méi nohaltig, manner CO₂-Ausstouss a méi wettbewerbsfäeg. Villmools merci der Rapportrice, der Madamm Chantal Gary. An ech ginn heimat den Accord vun der LSAP.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Weber. D'Wuert geet weider un den Här Jeff Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Ech géif der Madamm Chantal Gary en häerzleche Merci soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass alles gesot, et ass deem näischt méi bäizefügen. An ech géif den Accord vun der ADR ginn zu dësem Projet. Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Engelen. An da geet d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, merci och. Der Rapportrice e grouse Merci fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mir wäerten dëse Projet de loi natierlech och matstëmmen, wéi mir dat och an der Vergaangenheet ëmmer gemaach hunn. Mir hunn all déi Régime-d'aide matgedroen. Et ass nämlech evident, datt den Transport op der Schinn an iwwert d'Waasser encouragéiert muss ginn. Hei hänken och ganz vill Aarbechtsplazen drun, notament am Secteur vun den onqualifizéierten oder manner qualifizéierten Aarbechter. Dat ass immens wichteg.

Mir kënnen eis awer eng kleng Kritik zu dëser Logik net verknäifen. Den Transport iwwert d'Strooss mat de Camionen ass méi bëlleg, well vill Käschten einfach externaliséiert ginn, esou zum Beispill déi weinst de Klima- an Ëmweltschied, de Santésschied duerch de Kaméidi an d'Pollutioun, den Infrastrukturschied, do fir den Entretien vum Stroossereseau a vun den Autobunnen. An alles dat sinn Ausgaben, déi gi weeder facturéiert nach vun de grouse Speditiounsfirme gedroen. Derbäi kënn dann och nach d'Ausbeutung vun de Chauffeuren, déi ganz oft aus Länner kommen, wou d'Salären immens déif sinn.

All dës Käschte ginn dann eigentlech vun der Kollektivitéit gedroen. Dat heescht, mir alleguer subventionéieren dës Onkäschten. Déi selwecht Kollektivitéit subventionéiert dann den Transport iwwert d'Schinn an d'Waasser, fir datt deen iwwerhaapt nach iergendwéi rentabel ass. Verréckt, oder?

Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Chantal Gary fir dee gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport. An all Projet, wou méi Ëmweltschutz dran ass, stëmmen mir mat, soudatt mir och haut eisen Accord wäerte ginn. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier- a Mobilitéitsminister François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. A merci der Madamm Rapportrice fir hire Rapport an der Chamber fir d'Unanimitéit.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8034. Den Text steet am Document parlementaire 8034⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8034 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8034 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegheoll.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Misch, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusti Graas), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

11. 8078 – Projet de loi relative à l'aménagement de la liaison cyclable directe entre Esch-sur-Alzette et Belval

De leschte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëten ass de Projet de loi 8078 iwwert de Vëloswee tëschent Esch a Belval. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, mam Projet de loi 8078, engem Finanzéierungsgesetz mat just véier Artikelen, freet de Staat d'Autorisatioun, fir mat enger budgetärer Enveloppe vu maximal 47,5 Milliounen Euro eng direkt Vëlosverbindung tëscht Esch-Uelzecht an dem Belval dierfen ze bauen.

Zwee Haaptelementer vun dëser ronn 1,9 km laanger Verbindung sinn ee Passage inférieur ënnert de Schinnen erduerch an eng 1,2 km laang a 4,5 m breet Passerell iwwert de Site vun ArcelorMittal-Stolwierk. Bei dëser Passerell schwätze mer vun der längster Vëlosbréck an Europa, déi awer natierlech och fir Foussgänger zougänglech ass souwéi fir Leit a Mobilité réduite an och fir Leit mat Kannerkutschen.

D'Enveloppe budgétaire vu 47,5 Milliounen gëtt awer net nëmme fir déi eigentlech Vëlosverbindung gebraucht, mee och fir eng Rei zousätzlech Aarbechten, wéi zum Beispill fir en 320 m laangen a 7,5 m héije Siichtschutz, dee laanscht d'Areal vun ArcelorMittal muss gezu ginn, fir d'noutwendeg Verleeë vu Sauerstoff-, Stéckstoff- a Gasleitungen an zu gudder Lescht fir den Aménagement vum ganzen Areal ronderëm

dës Vëlosverbindung. Nieft der 1,9 km laanger Pist soll hei nämlech och e flotten, 1,2 ha grouse Park entstoen.

De Bau vun dëser Liaison cyclable directe tëscht Esch an dem Belval huet schonn 2020 ugefaangen a soll viraussichtlech bis Enn 2025 komplett fäerdeg sinn. De Projet war dofir schonn eng éischte Kéier am Budget 2020 mat engem Montant vu 34,5 Milliounen virgesinn, deen am Budget 2021 ëm 1,5 Milliounen eropgesat ginn ass.

Am Laf vun der Entwécklung vum Projet a vum Chantier hu sech allerdéngs nach weider Aarbechten als noutwendeg erweisen, engersäits duerch net previsibel standuertspezifesch geologesch Contrainten an anersäits duerch punktuell Adaptatiounen vum Aménagement vun der Voirie an der Vëlospist.

Do dernieft huet awer virun allem déi allgemeng Präisdeierecht bei de Konstruktionskäschten, virun allem dem Baumaterial, e groussen Impakt op d'Käschte vum Projet an natierlech speziell op déi Loten, déi nach kommen, respektiv d'Loten en cours de construction. Déi zousätzlech Aarbechten a Käschte féieren derzou, datt d'Investissementsdepensen de Seuil vu 40 Milliounen Euro bis 2025 iwwerschreide wäerten, wat, wéi Der wësst, en extrat Finanzéierungsgesetz mat sech bréngt.

Här President, dës Projet gëtt e wichtege Maillon vun der nationaler Vëlospist PC8 an domadder och vum nationale Vëlosréseau an enger ganzer Rei vu Projeten, déi konform mam PNM 2035, dem Plan national de mobilité, am Raum Esch an doriwwer eraus entstoe wäerten.

(Interruption)

Et geet drëm, d'Mobilité douce nach méi attraktiv ze maachen an d'Stad Esch, den aktuellen an historischen Zentrum vun der Stad Esch, mam Site vum Belval, dee jo mëttlerweil ganz staark entwéckelt ass, direkt ze verbannen.

De Gesamtprojet vun der Realisatioun vun der Liaison cyclable tëscht Esch a Belval ass am Ganzen a fënnef Loten opgedeelt. De Lous 1 ass de Passage inférier souwéi den Tronçon connexe. Den éischte Lous geet an der Rue Henry Bessemer am Quartier résidentiel zu Esch-Uelzecht un a geet weider laanscht d'Rue An der Schmelz bis op de Site ArcelorMittal. Dann ass nach e klengen Tunnel gebaut ginn, dat ënnert der besteeënder Eisebunn, déi d'Ligne principale vum Site sidérurgique ass. Infrastrukturell gesinn ass dës Projet Stand haut duerch.

Fläicht nach en interessante Punkt, fir hei ze erwänen: Dës Vëlospist ass esou konzipéiert, datt d'Servicer vum CGDIS mat hire Gefierer och drop fuere kënnen. Et gëtt jo ëmmer vum enger Passerelle cycliste geschwat, mee de ganze Projet ass, wéi gesot, esou ausgeluecht, souwuel an der Breet wéi an der Héicht, wéi op enger Strooss, fir datt eeben d'Gefierer vum CGDIS och Accès hunn.

De Lous 2 ass d'Kärstéck vum Projet, also d'Vëlospist selwer, d'Vëlosbréck respektiv och d'Foussgängerbréck vu ronn 1,2 km. Si beweegt sech südlech parallel zu der Eisebunn an tëscht der Voie de desserte interne vun ArcelorMittal, fir dann um Site vum Belval souwuel an der Avenue du Rock'n'Roll wéi och an der Avenue des Sidérurgistes direkt eng Liaison mam Campus universitaire ze garantéieren.

Fir et dem Vëlosfuere respektiv dem Foussgänger esou confortabel an accessible wéi méiglech ze maachen, goufen engersäits d'Rampen esou konzipéiert, datt d'Pente ënner 3 % läit, an um Belval selwer ass d'Circulation verticale mat Träpen a Lift garantéiert.

De Lous 3 beinhalt d'Aarbechten, fir déi verschidde Reseauxleitungen ze déplacéieren. An de Lous 4 ass den Écran visuel. Fir d'Technologie industrielle ze preservéieren a fir datt net all Detailler vun der Usine fräi siichtbar sinn, soll hei eeben dësen Écran visuel hikommen.

Dann de leschte Lous, de Lous 5, ass de Lous vum Aménagement paysager souwéi vum de Kompensationsmesuren. Heizou gehéiert, wéi schonn ufangs ernimmt, e Park vun 1,2 ha mat agreabelen, PMR-gerechte Foussgängerweeër, mat flotten Aire-de-reposen a mat barrièrefräiem Accès op d'Passerell.

Weider Detailler zu dëse fënnef Louse kënn Der wéi gewinnt a mengem schrëftleche Rapport noliessen. De Rapport zu dësem Projet de loi ass de 16. Dezember an der zoustänneger Kommissioun mat just enger Nee-Stëmm ugeholl ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Chantal Gary.

An d'Wuert ass da fir den Här Georges Mischo.

Discussion générale

M. Georges Mischo (CSV) | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt e grouse Merci un d'Rapportrice fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport.

Ech wëll mat engem klengen Historique ufänken, well dës Projet hat säin Ursprung schonn 2011, wéi d'Iddi vun esou enger Bréck iwwert de Site vun ArcelorMittal am Escher Gemengerot vum deemolege Conseiller André Zwally thematiséiert an och diskutéiert gouf. Mol kee Joer méi spéit ass dunn unanime eng Resolution op där selwechter Plaz gestëmmt gi fir eng Verbindung tëscht deem neie Quartier an dem Stadkär. Virun de leschte Chamberwale waren de Minister Bausch an ech selwer op engem Colloque op der Uni, wou d'Studenten an d'Studentinnen no esou enger Konnexioun gefrot hunn an dat och thematiséiert hunn.

De 6. Dezember 2018 ass den Här Bausch mat engem Nikloskaddo op Esch komm, mat der Presentatioun vun engem konkreete Projet. Elo, véier Joer méi spéit, stëmme mer de Projet de loi 8078 an dës Freideg kann de Kaddo endlech och ausgepaakt ginn.

Dës Projet ass e weesentleche Schrëtt no vir am Netz vun eisen nationale Vëlospisten zu Lëtzebuerg. Als CSV fanne mir eng direkt Vëlos- a Foussgängerbréck tëscht der Stad Esch an dem Quartier Université um Belval absolutt begrëssenswäert, méi wéi noutwendeg a freeën eis iwwert dës Projet.

Eng Rei Imprevuen, zousätzlech Aarbechten a geologesch an technesch Aspekter hunn awer leider derzou gefouert, dass de Budget fir dës Vëlos- a Foussgängerbréck huet missen ëm e ganzen Drëttel no uewen ugepasst ginn. Doduerch ass de Projet elo e gutt Stéck méi deier wéi ufangs geplangt a kascht de Staat insgesamt 47,5 Milliounen Euro. Dat ass schonn eng nennenswäert Enveloppe fir eng Bréck vun 1,9 km.

Mir sinn awer der Meenung, dass eng Vëlos- a Foussgängerbréck tëscht dem Belval an Esch d'Liewensqualitéit a puncto Mobilitéit zu Esch an natierlech och am Süden nach eemol e gutt Stéck verbessere wäert. Do denken ech virun allem un d'Studente vum Belval, déi esou op direktem Wee mam Vëlo oder ze Fouss op Esch fuere respektiv

trëppele kënnen an ëmgedréit, an dat ganz am Sënn vum Encouragement vun der Mobilité douce.

Dofir ginn ech dann och den Accord vu menger Fraktioun a freeë mech schonn op den nächste Freideg.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Mischo. Vun Esch-Uelzecht op de Belval an erëm zréck elo mam Här Pim Knaff.

M. Pim Knaff (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, vun enger aler Industriefriche hin zu engem vun de modernsten a flottste Quartieren am ganze Süde vum Land, de Belval huet sech iwwert déi lescht Jore ganz vill entwéckelt. D'Europäesch Kulturhauptstad Esch2022 mat hirem Headquarter zu Esch-Belval, déi wierklech en immense Succès war a wou mer dës Woch de Closing feieren, ass ouni Zweifel de virleefegen Héichpunkt vun dëser Entwécklung, déi awer iwwert déi nächst Jore konsequent weidergedriwwt wäert ginn.

Mir hu virun e puer Wochen op dëser Plaz iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Staat diskutéiert an do waren der och eng ganz Partie um Belval derbäi, wéi zum Beispill de Space Campus oder déi nei Europaschoul. Dës sinn nëmmen zwee Beispiller vu ganz villen, déi weisen, wéi vill de Staat hei investéiert. Ech kéint och nach vun der Mëllerei oder der Masse-noire am Kader vun Esch2022 schwätzen, vun den Nationalarchiven, déi heihinner kommen, oder dem séieren Tram, deen de Belval eng Kéier direkt mat der Hauptstadt verbanne soll.

Déi nei Vëlosbréck tëscht dem Zentrum vun Esch an dem Belval ass e weidert wichtegt Puzzlestéck, fir dës Quartier nach méi staark ze valoriséieren an och nach besser un d'Géigend ronderëm unzubannen. Aus enger Mobilitéitsperspektiv ass dës Foussgänger- a Vëloswee en absolutt zentraalt Element, wann ee bedenkt, dass de Belval bis elo nëmme ganz schlecht mam Vëlo oder per pedes ze erreechen ass.

Wann een awer wëll d'Leit derzou bréngen, méi op déi aktiv Mobilitéit ëmzeklammen, dann ass et evident, dass déi néideg Viraussetzung geschafft musse ginn. Dat bedeit nämlech aneres wéi sécher Vëlosweeër, am beschte getrennt vum motoriséierten Trafick, wou d'Leit sech bequeem vun A op B kënnen beweegen, esou wéi dat hei gemaach gëtt. Op dës Manéier wäert de Belval mat sengem Unis-Campus, mat de ville Studenten, déi sech daagsiwwer do ophalen, vill méi direkt mam Zentrum vun Esch verbonne ginn an dovu profitéieren natierlech Esch wéi och de Belval selwer.

Als DP si mir op alle Fall der Meenung, dass et e ganz flotte Projet ass, fir net ze soen, en eenzegaartege Projet, vu dass et jo ëmmerhin déi längste Vëlosbréck an Europa wäert sinn, wat dann och ouni Zweifel der ganzer Regioun wäert zeguttkommen. Et ass nämlech net just nëmmen en nützlechen a sënnavollen Projet, fir d'Mobilitéit generell an déi méi duuss Mobilitéit am Speziellen an der Géigend ze stäerken, mee et ass och do derniewent eng architektonesches Leeschtung, déi och aus enger Tourismusperspektiv eng reell Plus-value fir de Süde wäert duerstellen an de Süden nach eemol zousätzlech opwäert.

Ech wëll ausdrécklech der Regierung an dem Minister Bausch Merci soen, datt se dësen dach esou wichtege Projet fir Esch an de Süden nach am Kulturjoer 2022 fäerdeg kritt hunn. De Minister hat eis dat versprochen an huet Wuert gehalen. Datt elo d'Bréck en Dag nom 22. Dezember ageweit gëtt, ass och do irrelevant, well eise Kulturprojet jo nach laang net ofgeschloss ass. Den 22. Dezember ass net de Schluss, mee en neien Ufank.

Här President, dat gesot, wëll ech der Rapportrice Merci soe fir hiren exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport. An ech ginn heimadder och den Accord vun der DP-Fraktioun.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Knaff. An d'Wuert geet weider un d'Madamm Cécile Hemmen.

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Merci, Här President. Als Net-Escherin hunn ech natierlech hei eng ganz Partie Saache geléiert. Mee ech sinn awer och gewuer ginn, dass et effektiv de „Studentewee“ ass, dee scho ganz laang Joren am Gespréich war an dee sech elo da schlussendlech hei mat dësem Projet zu engem grouse Vëlos-Studentewee, oder enger Passerell, entwéckelt huet. A bon, et ass laang drop ge-waart ginn, elo ass en do.

Et ass e Prestigeprojet, wéi mäi Kolleeg, de Carlo Weber, et a senger Ried zu de grouse Projets d'infra-structure gesot huet. Et ass awer och e Projet, dee Lëtze-buerg als Vëlosland kéint promouvieren an deen och vläicht als Touristenattraktioun kéint zielen. Ech gesinn et awer och esou ganz niewebäi, dass dëse Projet och e schéinen Incitativ kéint si fir d'Vëlosfueren en général.

An ech géif et awer och begrëissen, Här Minister, wa méi kleng Projeten uechtert d'Land, wéi zum Beispill d'Verbanne vu klengen Dierfer mat eeben esou Vëlos-weeër, och géife generéis ënnerstëtzt ginn, an dat net nëmmen an der Planung, mee och an der Exekutioun.

Merci och der Rapportrice, an ech gi selbstverständ-lech den Accord vu menger Partei zu dësem Finan-zierungsgesetz.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Ma-damm Hemmen. An da geet d'Wuert un den Här Jeff Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Ech géif der Madamm Chantal Gary en häerzleche Merci soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass deem am Fong geholl näischt méi bäizefügen. Meng Virriedner hu jo och op den Notze vun dëser Bréck oder vun deem ganzen Trajet higewisen an och den historesche Werdegang ginn, wéi dat zustane komm ass.

An ech ginn domadder den Accord vun der ADR zu dësem Projet. Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Engelen. Dann ass et un der Madamm Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Merci, Här President. Der Rapportrice och vun eis aus e ganz grouse Merci fir deen exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport. Mir stëmme selbstverständlech och dësem Projet de loi zou, well mir d'Kreatioun vu separate Vëlospiste ganz wichteg fannen, fir datt d'Bierger/inne sech kënnen ouni Gefor vun A op B mam Vëlo deplacieren. An ech mengen, an d'Virried-nerin huet et och gesot, et ass och wichteg, datt op anere Plazen esou Konnexiounen geschafe ginn.

An déi Konnexioun tëschent Esch an dem Belval ass besonnesch noutwendeg, well dës zwee Quartieren duerch eng Schmelz getrennt sinn. Verschidden Aus-gaben, wéi d'Deplacementer eebe vu verschiddene Reseauen, kouden der ArcelorMittal ganz geneem. Mee hei kann een der Regierung awer absolutt kee Virwurf maachen, well et wär soss net anescht ers-gangen. Schliesslech huet ArcelorMittal missen d'Zoustëmmung zu dësem Projet ginn.

Erlaabt eis trotzdeem, eng ganz kleng Kritik aus-schwätzen. D'Konnexioun op Escher Säit ass am

Moment nach absolutt net glécklech, well dës Vëlo-spist endegt hei eigentlech op engem Trottoir matzen an enger Strooss. Si geet net méi op enger gesécher-ter Vëlospist weider. Et ass mol keng gemoolt Vëlo-spist do. 2019 ass dëse Projet decidéiert ginn an 2020 ass en ugefaange ginn. A während all där Zäit ass keen op d'Iddi komm, datt esou e prestigieise Pro-jet net einfach kéint am Nirvana endegen, mee datt een einfach scho vläicht hätt kënnen drun denken, dee weiderzeféieren, well dee Vëloswee kéint gemit-terlech duerch d'Victor-Hugo-Strooss de Belval mam Stadhaus zu Esch verbannen. An et wär eng super flott Iddi, wann dat och elo scho méiglech wär. Ech weess, datt de Projet weidergefouert wäert ginn.

Dann och nach eng ganz kleng Remark zu der Mobi-lité douce, notament dem Foussgänger. Do kann den Här Minister eis vläicht direkt hëllefen. Oft gëtt et bei Chantieren, wou Trottoire gespaart ginn, keng Méiglechkeet fir e gesécherte Wee fir de Foussgän-ger, fir auszewäichen. An dat ass immens schued. Do misst een awer, wann dee Chantier securiséiert ass, och de Foussgängerwee securiséieren.

Ech ginn e Beispill, den CR110 zwësche Suessem a Käerjeng, wou jo elo de Bësch zum Deel ofgeholzt gouf. Do ass den Trottoir e ganz Stéck gespaart. Dat ass awer déi eenzeg Méiglechkeet fir de Foussgänger, fir sécher op d'Gare ze kommen. An ëm dës Joreszäit, wou et awer mueres fréi an owes däischter ass, ass et net ganz flott, wann de Foussgänger do einfach iwwert d'Strooss muss trëppelen, fir da kënnen den Zuch ze huelen. A ganz oft ass et fir d'Leit déi eenzeg Méiglechkeet, wa se den Auto net wëllen huelen, well d'Busser net pünktlech si respektiv guer keng Busser fueren oder een iwwer 20 Minutten dann op deen nächste Bus muss waarden.

Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Och merci dem Chantal Gary fir dee gudden schrëftlechen a mündleche Rapport. Mir Piraten si bekanntlech net géint eng Vëlospist. Ech verstinn och alleguerten d'Argumenter, déi virgedroe gi sinn: fir d'Studenten, fir d'Verbindung tëschent Esch a Belval. Mee ech hunn et e bësse méi ënner engem finanziellen Aspekt gekuckt: Mir hunn e Projet, dee bei 34,5 Milliounen ugefaangen huet, deen awer elo, mat all de sécherlech gudden Ar-gumenter, bei 47,5 Milliounen lant. Dat ass een Drëttel méi! Jo, et ass heiansdo einfach ze soen, mat gudden Argumenter: „Mir brauchen dat. Dat soll onbedéngt kommen!“, an da sinn da Präishaussen, wou vläicht och nach Leit mat dru verdénge lénks a riets.

D'Chamber seet jo: „Jo, et kann een et maachen.“ D'Chamber seet jo: „Jo“, an dat ass eigentlech den Aspekt, wou ech un dëse Projet drugaange sinn, dass d'Chamber net an Zukunft ëmmer ... Bei engem Drët-tel! Also, et ware jo scho Projeten, déi mir Piraten och matgedroen hunn, wa mer vun 10 %, 20 % geschwat hunn – wat scho vill ass. Mir schwätze vu Milliounen! Mee hei sinn et carrement 13 Milliounen, déi et méi ginn ass, vu 34,5 erop. An dofir wäerte mir haut ee-ben net kënnen eis Zoustëmmung ginn, fir de Budget ze erhéijen.

Mir fannen de Projet a sech gutt. En hätt vläicht missen anescht geplangt ginn. Et hätt een et mis-sen anescht ugoen. Et hätt ee vläicht och anescht misse mat ArcelorMittal schonn am Viraus kucken. Ech mengen, dat Stolwierk war jo do, ier d'Vëlospist geplangt ginn ass, dann hätt een do scho mol misse

kucken. Et hätt ee misse kucken: Wann déi e Sicht-schutz wëllen, ob een net déi vläicht kann doru parti-cipiere loosse, wat och ëmmer!

Mir hunn et ënner engem finanziellen Aspekt ge-kuckt, dass net einfach ëmmer en neie Vott ka komme fir ze soen: „Hei, et gëtt méi Geld!“ Well et wäerten nach vill esou Fäll kommen. Et wäerte vill Leit, natierlech och Entrepreneuren, dobaussen no-lauschteren a soen: „Mir maachen déi Präishaussen, et gëtt méi, dat ass op Gemengenniveau, dat ass op Staatsniveau.“ Vum finanziellen Aspekt hier géif et der Chamber vläicht och eng Kéier guttduen, dann ze soen: „Mir bremsen e bëssen.“ D'Finanze wuessen eeben net bis an den Himmel!

Merci.

M. Sven Clement (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier- a Mobilitéitsminister François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. A merci der Madamm Rapportrice fir de Rapport an allen Depu-téierte fir hir Beiträgg.

Dee Projet hei, mat deem huele mer eppes no, wat menger Meenung no verpasst ginn ass, wéi d'Verkéis-plannung geplangt ginn ass tëschent Esch a Belval, an och an Esch an och um Belval. Wann ech dat soen, dann ass dat net e Reproche, deen ech wëll maachen un d'Vergaangenheet, mee et ass eng Feststellung.

An et ass esou, datt, wann Der urbanistesche kuckt, wat um Belval geschitt ass – wat jo, wou mer eis jo alleguer eens sinn, eng super Saach ass –, da muss ee soen, datt dat natierlech problematesch ass, well een domadder een neien Deel vun Esch extreem at-traktiv gemaach huet an awer keng Méiglechkeet haut besteet fir e Foussgänger oder e Vëlofuerer, fir sech ze Fouss dohinner ze deplacieren, obschonn et eigentlech net esou wäit ewech ass. An dat geet natierlech op d'Käschte vum, loosse mer soen, alen Esch oder historesch gewuessenen Esch, wann dann dee Quartier an deen Zentrum och drënner ze leiden hunn, well um Belval natierlech elo vill Aktivitéite sinn, well natierlech Dausende vu Studenten do sinn, well et Proffe sinn, déi do sinn. A wann déi bis d'Méiglechkeet hunn, fir bequeem, schnell ze Fouss oder mam Vëlo sech ze deplacieren vum neien Esch an dat historesch gewuessenen Esch, da maache se dat natierlech vill éischter an da wuessen doduerjer och déi zwee Zentren eigentlech zesummen.

An duerfir sinn ech frou, datt mer dee Projet do hikritt hunn an deem Zäitraum, dee mer virgesinn haten. An do wëll ech och berouegen, wann hei gesot gëtt, et sollten och esou Projete fir aner Regiounen am Land gemaach ginn: Dat geschitt! Ech wëll drun erënnere, datt mer 600 km Vëlospist am Bau oder an der Pla-nung oder an der Virplanung hunn.

Just fir Iech der zwee opzezielen: Dat eent ass d'Venn-Bunn vun Elwen op Clierf, dat ass éischter am ländle-che Raum. Dat ass och en deiere Projet. Dee läit, wann Der herno wäert gesinn, wat deen am Total kascht, vläicht net grad hei, awer net méi esou wäit ewech.

Mee en anere Projet ass awer och a méi enger länd-lecher Regioun. Do war ech gëschter. Et sëtzt jo ee Ver-trieder heibanne vum Gemengerot vu Wuermeldeng, dee weess dat ganz genau, datt och an der Musel-géigend änlech Projete sinn. Och déi hunn hire Präis. Mee dat ass awer alles gutt, datt mer dat maachen,

a richtig. De Vëlo, dee muss seng Plaz am stättesche Raum hunn – an och de Foussgänger –, mee e muss en natierlech och am ländleche Raum hunn. Do gëtt en natierlech aneschtens genotzt wéi vläicht am stättesche Raum oder a méi urbanen Zentren. Mee en huet awer och do seng Wichtigkeet, well mir hu jo festgestallt am Plan national de mobilité duerch d'Erhiewung, déi mer gemaach hunn an der Luxmobil-Studie 2017, datt zu Lëtzebuerg 50 %, oder souguer e bësse méi wéi 50 % vun allen Deplacementer, déi mer am Land maachen, Deplacementer sinn ënner fënnf Kilometer, déi sech also fantastesch eegnen, fir ze Fouss ze goen oder fir de Vëlo ze huelen.

Natierlech, mir hu jo och déi Fro gestallt 2017, wat dann d'Leit dovun ofhëlt, fir dat méi ze maachen. An do koum d'Äntwert unisono, ech mengen, iwwer 80 % waren et: Sécher Infrastrukture feelen. An dat hei ass en Deel dovunner, duerfir maache mer dat. An duerfir, mengen ech, ass dat och verdéngt an och richtig, datt d'Chamber dat Gesetz haut wäert stëmmen.

Zum Käschtepunkt, do wollt ech och nach eng Kéier drun erënnere ... An ech kommen dann nach op d'Remark ze schwätze vum Här Goergen, firwat dat hei méi deier ginn ass, fir him ze soen, datt dat, wat hien hei argumentéiert, sécherlech net zoutreëft fir dat hei. Mee ech wëll awer virun allem mol soen: Wann ech eng Vëlospist bauen an ech vergläichen dat mat enger Autospuer – a wann ech dat soen, da soen ech dat net, Dir kennt mech jo, well ech géint den Auto sinn, mee et ass einfach e Verglach, dat ass e faktesche Verglach! –, do gëtt et nëmmen zwee Verkäiersmëttelen an eiser Gesellschaft, wou et de Fait ass, datt et, wann ee sech esou deplacéiert, entweder ze Fouss oder mam Vëlo, fir d'Gesellschaft eigentlech méi bréngt wéi dat, wat et d'Gesellschaft kascht. An dat ass eeben: ze Fouss goen an de Vëlo!

A wann Der de leschte Bulletin elo kuckt vu ProVelo, där Associatioun, déi sech jo zu Lëtzebuerg asetzt fir d'Förderung vum Vëlo, déi hunn am Kontext vun deem Projet eng Etüd aus Holland – vu Leuven – zitëiert, déi ech och kennen, an ech si frou, datt se dat gemaach hunn an erausgeschriwwen hunn. Do hu se genau zitëiert, wat et kascht a wat et bréngt, wann ech ee Kilometer Vëlospist bauen oder Vëlosbréck baue par rapport zu engem Kilometer Vëlospist a Vëlosbréck an Auto.

An et ass kloer, wann Der an där Etüd da liest, datt, wann 100.000 Mënschen en deegleche Wee vu fënnf Kilometer – wat jo dann deen typeschen ass, dee mer zu Lëtzebuerg, wéi gesot, iwwer 50 % maachen – zréckleeë fir op d'Aarbecht, Schoul, Fräizäit, wat och ëmmer, da bedeit dat e Gewënn vun 196 Milliounen Euro pro Joer, falls se dat mam Vëlo oder ze Fouss maachen. Mam Auto kascht et d'Gesellschaft! Niewent dem Fait, datt natierlech jiddwereen, deen Auto firt, och Steiere bezilt, ass et jo awer esou, déi Steieren, déi mer all do bezuelen, esougeet d'Akzisen um Bensinn wéi och d'Autosteier, dat geet net duer, fir den Trajet vun A no B, deen ech maachen, ze bezuelen. D'Allgemengheet leet d'office ëmmer en Drëttel do drop. Dat ass esou.

Dat ass elo net ..., ech wëll dat net hei moralesch soen, ech fuere jo selwer och Auto, dat huet näischt domat ze dinn. Mee et ass einfach, fir eng Feststellung ze maachen a fir ze ënnersträichen, datt, wa mer eppes investéiere fir de Foussgänger a fir de Vëlo, dat ass d'office ëmmer en Nettogewënn fir d'Gesellschaft!

(Interruption)

Zum Projet hei: Et kann een natierlech elo laang driwwer diskutéieren, ob 47 Milliounen ze vill sinn

oder ze wéineg sinn. Just fir Iech awer ze soen: Wann Der ee Kilometer Autosbréck baut, da kascht dat 70 Milliounen Euro, fir eng zweespuereng Autosbréck. Ee Kilometer vun där PC8 kascht 27 Milliounen. Dat heescht, dat ass, jo, also manner wéi d'Hallschent. Mee denkt drun, wat ech virdru gesot hunn: datt de Fait, datt ech dat bauen, an déi, déi do driwwerfuere, souwisou e Gewënn si fir d'Gesellschaft. Dat ass donc eng Win-win-Situatioun, déi mer hei produzéieren, déi einfach formidabel ass. An doriwwer kann ee sech eigentlech nëmme freeën!

An zu de Méikäschten, déi hei entstane sinn: Natierlech kann d'Chamber ëmmer decidéieren, Nee ze soen. Well wat ass hei geschitt? Hei ass et jo warscheinlech esou, wann dat hei vun Ufank un e Projet vun, losse mer soen, 41 Milliounen gewiescht wär, da wär jo e Gesetz gemaach ginn. Dann hätt d'Chamber jo och dat gestëmmt, dat Gesetz, oder och net gestëmmt, wéi och ëmmer. Mee dann hätt d'Chamber sech jo awer dee Moment ausgeschwat iwwert d'Utilitéit an den Notzen an de Sënn vun deem Ganzen. An et ass jo net, datt dee Projet hei méi deier ginn ass, well iergendeppes Neies derbäikomm wär – wéi soll ech soen? –, well mer elo, ech weess net, op eemol gëlle Gelännere gemaach hätten! Mee et ass, well geologesch Epreuve festgestallt hunn – well mir fuere duerch en ArcelorMittals-Terrain, a fir déi, déi ze dinn hate mat dem Belval a mat de Gebaier ...

Jo, Dir kënnt de Kapp rëselen, Madamm Arendt, dat ass d'Realitéit!

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Dofir fannen ech et wichtig, datt ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, an duerfir ass et jo och richtig, datt ech och erkläre, wéi d'Realitéit ass, vläicht. Dat ass awer och vläicht noutwendeg, datt ee sech dat dann unhéiert.

Dir kënnt jo och emol mäi Virgänger froen, dee sëtzt jo bei Iech an de Reien, deen huet jo och laang um Belval geschafft, wéi d'Stabilitéit um Terrain, op de Frichen um Belval ass an op de Schmelzgebitter, a wat een do fir Iwwerraschunge kritt. De Claude Wiseler hat a senger Amtszeit, wéi do gebaut ginn ass, op eemol e Risikokrater virfonnt, dee kee konnt virausgesinn, scho guer net hien, mee och mol net d'Ingenieuren. Dir befannt Iech do op engem industriellen Terrain mat Industriebroochen. An noutgedrongen, wann Der do op eemol bis wierklech buere gitt, da kommt Der op Plazen, wou Der Iwwerraschunge wäert kréien!

Dat heescht jo awer elo hoffentlech net – an do si mer eis jo awer warscheinlech eens, well wa mer eis net eens wäeren, dann hätte mer um Belval och näischt dierfe bauen –, datt mer duerfir näischt do solle maachen. Mee dat wësse mer einfach! An da kann ee jo net herno soen, oder ech géif op alle Fall d'Chamber do virdru warnen, wa mer e Projet um Belval maachen, och an Zukunft, a mir stellen dat fest, datt mer da géife soen: „Mir stoppen de Projet“, a mir loosse et an der Landschaft stoen, mir rappen et erëm hallef of! Dat ass jo alles net seriö!

Hei ass e Projet méi deier gi wéinst geologesche Schwierigkeeten. An duerfir sinn déi Suen och gutt investéiert, déi mer do gebraucht hunn, well mir hunn déi missen investéieren, fir datt mer d'Stabilitéit garantéieren. Dat ass deen eenzege Grond, gréisstendeels de Grond vun deem Méi, wat dat hei kascht huet.

Ech soen allen Deputéierten, déi sech däärs bewosst sinn, wéi wichtig dee Projet ass, an dat sinn der ëmmerhin an där Chamber jo awer, wann ech richtig gezielt hunn, 58, duerfir e ganz grouse Merci fir hir Zoustëmmung.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Minister. Parole après ministre fir den Här Marc Goergen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Dat war kuerz fir déi 58 an enk fir déi zwee.

(Hilarité)

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här Minister. Ech versti jo Är Argumentatioun. Ech hunn et jo och nach eng Kéier ausgerechent: Et si 5.000 Euro de Meterkaree. Zum Verglach: Déi zweetlängst, déi mer jo elo wäerten ofléisen, dat waren 800 m fir 600 Milliounen (veuillez lire: fir 6 Milliounen). Mee bon!

Mee wat ech awer net ka stoe loosse, ass, dass Der sot, et wär „just“ wéinst dem Terrain. Well souguer an Ärem Rapport steet: „augmentation généralisée des coûts de construction et en particulier [...] des matériaux de construction“. Dat heescht, et ass en Ensemble, wéi ech och virdrun a menger Ried gesot hunn. Et ass net esou, dass een elo einfach seet: „Et war „just“ wéinst dem Terrain.“ Ech soe jo net, Dir hätt gëlle Gelännere geholl!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Wat heescht dat dann? Heescht dat dann, Här Goergen, datt Der, wann Der an Zukunft eng Schoul baut a wa wéinst Materialknappheet d'Material méi deier gëtt, da sot: „Mir bauen d'Schoul net fäerdeg“, oder wat? Ass dat Är Argumentatioun, oder wéi?

(Brouhaha)

M. Marc Goergen (Piraten) | Nee, dat ass net eis Argumentatioun. Ech hunn Iech virdru schonn erkläert, dass mer eng allgemeng Vue dorop hunn. Mir haten déi selwecht Diskussioun jo scho beim Satellitt. Dee stoung och scho mat Milliounen dran an dunn, fir weiderzemaachen, fir en net falen ze loosse, sidd Der mat där selwechter Argumentatioun komm.

Hei ass et och erëm dat selwecht: ëmmer, ëmmer, ëmmer méi! Jo, et kann een déi Politik weiderféieren. Mir soen eebe fir déi Politik: Et muss een och eng Kéier kritesch op déi Finanze kucken! An dat ass de Punkt! Et kann een natierlech ëmmer soen: „Soss ass et verluer!“ Jo, dat kann een ëmmer. Mir kucken dat méi kritesch.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, ech fannen et e bëssen aberwitzeg, fir dat ze vergläiche mat engem anere Projet, deen am Espace soll stattfannen. Mee bon! Et ass awer egal. Dat ass dem Här Goergen seng Argumentatioun. Dat muss hie mat sech selwer ausmaachen.

Hei geet et ëm eng Vëlosbréck, e Bauwierk op der Äerd, wat quasi fäerdeg ass a wou mer duerch, wéi gesot, eng Rei Grënn, geologesch Grënn gréisstendeels, déi dote Schwierigkeeten hunn. Mee nujee, ech kréien net jiddwereen iwwerzeegt! Dat ass och net mäi But, fir jiddwereen ze iwwerzeegen. Ech si frou, datt hei 58 Deputéierter verstänneg sinn an derfir stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Bausch. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8078. Den Text steet am Document parlementaire 8078².

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8078 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8078 ass mat 58 Jo-Stëmmen, nee, 57 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8078 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Laurent Mosar), Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt

épouse Kemp), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Frank Colabianchi) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Moien um 8.30 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 18.08 heures.)

25^e séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

p. 73

M. Fernand Etgen, Président

2. 7575 – Proposition de révision du chapitre VI. de la Constitution

p. 73

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Léon Gloden

Discussion générale : M. Léon Gloden (interventions de M. Fernand Kartheiser | Mme Simone Beissel | M. Mars Di Bartolomeo (intervention de Mme Josée Lorsché) | M. Charles Margue | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Second vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution 7575

3. 7863A – Projet de loi sur les référendaires de justice et portant modification de :

1° la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

2° la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;

3° la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif ;

4° la loi modifiée du 27 juillet 1997 portant organisation de la Cour constitutionnelle ;

5° la loi modifiée du 7 juin 2012 sur les attachés de justice ;

6° la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise

p. 76

Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue

Discussion générale : M. Léon Gloden | M. Guy Arendt | M. Dan Biancalana | M. Roy Reding | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7863A et dispense du second vote constitutionnel

4. 7940 – Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel, ouvert à la signature, à Riga, le 22 octobre 2015, à la Convention du Conseil de l'Europe pour la prévention du terrorisme, ouverte à la signature, à Varsovie, le 16 mai 2005

p. 80

Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7940 et dispense du second vote constitutionnel

5. 7960 – Projet de loi portant règlement des conflits d'attribution et portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1997 portant organisation de la Cour constitutionnelle

p. 81

Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue

Discussion générale : M. Léon Gloden | M. Guy Arendt | M. Dan Biancalana | M. Roy Reding | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7960 et dispense du second vote constitutionnel

6. 8076 – Projet de loi portant suspension temporaire des déguerpissements en matière de baux d'habitation

p. 83

Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue

Discussion générale : M. Roy Reding | Mme Nathalie Oberweis

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8076 et dispense du second vote constitutionnel

7. Ordre du jour

p. 84

M. Fernand Etgen, Président

8. 7758 – Projet de loi portant

1) mise en œuvre du règlement (UE) 2018/1805 du Parlement européen et du Conseil du 14 novembre 2018 concernant la reconnaissance mutuelle des décisions de gel et des décisions de confiscation et

2) modification de la loi du 1^{er} août 2018 portant

1° transposition de la directive 2014/41/UE du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 concernant la décision d'enquête européenne en matière pénale ;

2° modification du Code de procédure pénale ;

3° modification de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale

p. 84

Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7758 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouve : Mme Sam Tanson, Ministre.